Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**
St Laurent / Tony Noesen **Dikrich**
36, am Floss L-9232 Dikrich | diekirch.lgs.lu | albatrossen@diekirch.lgs.lu

Léiw Albatrossen,

Mir kënne lo schon dat 2t Jar feieren wu zu Dikrich d'Albatrossen d'Guiden- a Scoutswelt opmëschen. Fir bëssen ee Plang ze hunn wat am ischten Trimester alles leeft, ass hei scho mol eng kleng Iwwersiicht mat puer wichtegen Datumer an Infos bis Sylvester.

Wi an deenen anere Branche gëtt et och bei eis eng Kotisatioun. Wann s du Chef an enger Branche bass, fällt deng Kotisatioun wech. Fir di aner si 14€ ze bezuelen. 11€ wa si Geschwëster an den LGS hunn, deen eelsten bezillt dee Moment 14€ an di aner 11€. Da kënnt nach eng "Albatrossefreessprimm" vu 16€ dobäi fir di Versammlungen wu mer eis am Home oder an der Roverbud ophalen an eppes do eessen. Dat war et scho mat deem finanziellen Deel.

Wini ?	Wat ?
Sa. 27. September	**t'ass Kiermes am Floss** Eis Kiermes dauert dee ganzen Dag a gëtt an der Roverbud op der "Karaoke Party" ausklénge gelooss. Fläisseg Hänn ginn iwwerall gebraucht an et ass nach vill ze maachen !
Sa. 4. Oktober	**Di ischt Versammlung vum Jar** Eis ischt Versammlung am Jar ass an der Roverbud wou mer de Schluechtplang fir de Räscht vum Jar maachen an di nei Lett begréisse kënnen. Ufank ass um 19.00 an herno gëtt et Pizza.
Fr. 24.- So. 26. Oktober	**Misärsweekend um Montéeshaff** Freddes geet et um 19.00 am Floss lass bis Sonndes 16.00. D'Käschte belafe sich op 20€ an Umelle muss de dich bis de 15. Oktober.
Fr. 31. Oktober	**Halloweeneessen** Mir feieren Halloween um 19.00 mat enger kräftiger Raclette. Mell dich dofir bis den 30. Oktober un, an denk drun d'Keess mat 20€ ze ënnerstëtzen.
Sa. 15. November	**Wëldowend** De Wëldowend ass am Keltenhaus um Neihaisgen a fir 45€ (iwwerweise w.e.g.) kritt een allerhand Wëld. Denkt drun nach Sue mat ze huelen,

	d'Gedrinks ass leider net am Präis mat dran ! Départ ass um 18.00 am Floss. Weider Detailer kommen no !
Sa. 22. November	**"MerciSoEessen" an Extraordinär Generalversammlung** Fir alleguer deene fläissigen Hänn Merci ze soen, déi dem Grupp am Jar gehollef hunn, ass "d'Al Dikrich Eessen" zu engem allgemengen "MerciSoEessen" ëmbenannt ginn. Ab 18h00 geet et am Floss lass.
Sa. 6. Dezember	**De Kleesche kënnt ?** Bei wee gi mer Kleesche spillen ? ☺

Fir **Icekarting** fehlt nach den definitiven Datum, du kriss Bescheed gesot soubal ech méi weess.

Alleguer d'Beträg sinn op de Konnt **LU85 0019 4255 1295 5000** vun den Albatrossen bei der **Spuerkeess** ze iwwerweisen an d'Umelle mëss de beim Pol.

Mir liewen am Jar 2014 an ech huele mer d'Fräiheet fir drop hin ze weisen datt d'Albatrossen spuersam Vigel sinn an op Pabeierbréiwer verzichten. Dofir kënnt alles per **E-Mail** an/oder **SMS** an ass och op eiser **Facebooksäit** ze fannen. Pass w.e.g. op datt deng Handysnummer resp. E-Mailsadress richtig um Informatiounsblat (an der ischter Versammlung fëlle mer di aus.) drop steet.

Kontakt ?	Wéi ?
Facebook	https://www.facebook.com/groups/417223121734063/
D'Memberen alleguer	albatrossenmember@diekirch.lgs.lu
De Pol	pol@albatrossen.lu / +352 691 878 650

Ech freeë mech !

Bis dohin,

Lénks Patt,

de Pol